



Mir siche Studente fir de Summer!

Du bass ëmmer positiv a kanns anerer mat Denger gudder Laun ustiechen? Du schwätz gäre mat Mënschen aus den ënnerschiddlechste Kulturen an hues fir jiddereen e frëndlecht "Moien", "Bonjour", "Hello" oder "Guten Tag" parat? Du hues eng Passioun fir Deng Heemecht a bass den idealen Ambassadeur fir d'Stad Lëtzebuerg?

Da brauche mir Dech!

Mir offrëiere Studenten iwwer 18 Joer fir e Minimum vu 4 Wochen tëschent Juni a September d'Mataarbecht an enger flotter dynamescher Equipe! Dat hei sinn Är Missiounen:

- Touristeninformatioun: am Büro oder a mobil Equippen op de flottste Plazen an der Stad
- Organisatoresch Ënnerstëtzung bei de Visitten am Palais grand-ducal: Tickete kontrolléieren, Garderobe geréieren, Visiteuren encadréieren.

Schéck w.e.g. Däi kompletten Dossier (Motivatiounsbrëif, CV, eng rezent Photo an eng Kopie vun Denger Studentekaart) bis den 8. Februar op jobs@lcto.lu eran. Mir freeën eis op Deng Kandidatur!